

CSV: déi Häre Willy Bourg, Norbert Hauptert, d'Mme Ferny Nicklaus an den Här Patrick Santer;

DP: d'Mme Agny Durdu an déi Häre Jean-Paul Rippinger a Paul Helminger;

LSAP: d'Mme Mady Delvaux an den Här Alex Bodry;

Déi Gréng: den Här Jean Huss, an

ADR: den Här Gast Gibéryen.

- fir d'Commission spéciale « Jeunesse en détresse »:

CSV: déi Häre Lucien Weiler a Jean-Marie Halsdorf, d'Mme Marie-Josée Meyers-Frank an den Här Claude Wiseler;

DP: déi Häre Claude Meisch, Xavier Bettel a Marco Schroell;

LSAP: déi Häre Marc Zanussi an Alex Bodry;

Déi Gréng: d'Mme Renée Wagener, an

ADR: den Här Aly Jaerling.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Dann ass dat also sou décidéiert.

5. Ordre du jour

Wat elo déi parlamentaresch Aarbecht vun dëser Woch ubelaangt, huet d'Commission de Travail Folgendes virgeschloen.

D'Chamber siégéiert:

- haut de Mëtteg;
- mar, e Mëttwoch, um 3 Auer, statt um halwer 3 wéi gewéinlech, an
- iwwermer, en Donneschden, um halwer 3, mat folgendem Ordre du jour.

Haut de Mëtten hu mer:

1) de Projet de loi 4632 iwwert d'Banques d'émission de lettres de gage,

2) d'Proposition de loi 4633 vum Här Jean-Pierre Klein iwwert de Congé de formation vun de Memberen aus de Gemengeréit,

3) d'Proposition de loi 4642 vum Här Alex Bodry iwwert d'Schafung vun engem Energiefong, a

4) d'Proposition de loi 4653 vum Här Robert Garcia iwwert d'Structures d'accueil fir d'Kanner aus der Primärschoul.

Dës drai Propositions de loi gi presentéiert gemäss Artikel 59 (3) vum Chamberreglement.

Mar héiere mer dann d'Deklaratioun vum Här Statsminister zur Lag vun der Natioun. De Projet de loi 4562 iwwert déi finanziell Studiebaihëllef, deen ursprüngelech fir mar virgesi war, geet zrëck un de Statsrot a gëtt deemno op e spéideren Zäitpunkt verluegt.

Iwwermer hu mer dann d'Interpellatioun vum Här Alex Bodry iwwert d'Politik vum Strofvollzuch.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also sou décidéiert.

Da kéime mer elo zur Diskussioun vum Projet de loi 4632 iwwert d'Banques d'émission de lettres de gage. Et hu sech schonn ageschriwwen: déi Häre Graas a Bausch.

Elo huet als Éischten d'Wuert de Rapporteur vum Projet de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

6. Projet de loi 4632 modifiant certaines dispositions particulières aux banques d'émission de lettres de gage dans la loi du 5 avril 1993 relative au secteur financier

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Gesetzesprojet, deen haut op eiselem Ordre du jour steet, huet, wéi eng Rei aner, déi elo schonn déposéiert sinn, an an der nächster Zäit hei an der Chamber wäerten diskutéiert ginn, als haaptsächlech Zilsetzung, d'Kompetitivitéit vun eiser Finanzplaz op där enger Säit ofzesécheren an op där anerer Säit ze verbesseren.

Et ass a sech de Beweis vun deem permanente Besoin, fir eis Léiglatioun au fur et à mesure der Zäit ze adaptéieren an déi spezifesch Créneuen, déi duerch sou Texter wéi déi hei entstanen sinn, am internationale Verglach sou ze verbesseren, datt mer ofgeséichert kënnen dovunner ausgoen, datt se ëmmer gutt do stinn.

Et ass a sech e relativ technesche Projet, deen haut zur Debatt steet, dee sech an zwee Artikelen resuméiert an d'Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Secteur financier ëmännert, haaptsächlech a senger Sektoun iwwert d'Lettres de gage, déi sougenannte « Pfandbréiwer », déi an den Text vum 1993 duerch e Gesetz vum 21. November 1997 ageféiert gi sinn. Déi Zäit ass hei zu Lëtzebuerg en neit Finanzinstrument ageféiert ginn, datt haaptsächlech dozou bäigedroen huet, fir d'Diversifikatioun vun eiser Finanzplaz ofzesécheren. Bis haut hu sech hei zu Lëtzebuerg dräi spezifesch Banke fir Pfandbréifémissiounen op der Plaz installéiert, a momentan ginn eng Rei Émissiounen vu Pfandbréiwer preparéiert.

Säit 1997, säit dem Datum also, wou mir hei zu Lëtzebuerg dee Gesetzestext gestëmmt hunn, wou déi Pfandbréifméiglechkeeten ageféiert gi sinn, hunn awer och déi aner Länner reagéiert, hir Léiglatiounen nogekuckt, adaptéiert a verbessert. Sou ass et a Frankräich

dozou komm, datt d'Fransousen eng Adaptatioun vun hirer Législatioun «relative au crédit foncier» gemaach hunn, op där enger Säit, an op där anerer Säit Däitschland säin Hypothéikebankgesetz adaptéiert huet, fir d'Ofsécheringe vun Émissiounen vu Pfandbréiwer bei hinnen ze verbessern, am internationale Verglach.

Fir eis geet et haut drëm - an dat ass wichteg -, datt mer och an deem Secteur d'Konkurrenzfähigkeit oprecht erhalen an eis Législatioun sou adaptéieren, datt mer am internationale Verglach och kënne bestoen.

Et muss ee wëssen, datt bei sou Pfandbréiwer, wa sou Émissiounen sinn, eng international Cotatioun geschitt. Déi international Cotatioun ka sech drop resüméieren, datt déi beschte Cotatioun, déi méiglech ass, de sougenannten «triple A» ass. Et ass natierlech wichteg fir d'Banken, datt mer, wa sou Émissiounen vu Pfandbréiwer sinn, haaptsächlech hei zu Lëtzebuerg op eiser Finanzplaz, dann och déi beschtméiglech Cotatioun kënne kréien, datt déi Banken, déi hei sou Pfandbréiwer erausginn, och d'Méiglechkeet hunn, wat eis Législatioun an eis Ofséchering vun deene Pfandbréiwer ugeet, fir deen «triple A» ze kréien.

Dëse Projet ass a sech geduecht, fir eis Législatioun deene Revendikatiounen gerecht ze maachen, déi international Cotatiounsbestëmmungen ze adaptéieren an ofsécheren, datt déi Pfandbréiwer, déi hei zu Lëtzebuerg erausginn, och deen «triple A» kréien.

Et ass also wichteg, fir datt d'Produkter vun der Finanzplaz Lëtzebuerg déi allerbescht international Cotatioun kréien. Et ass wichteg fir déi Produkter; et ass awer och wichteg fir d'Seriositéit an de Renom vun eiser Finanzplaz, an domat selbstverständlech vun eiser Ekonomie am allgemengen.

Dëse Projet huet dräi haaptsächlech Punkten, déi d'Besëtzer vu Pfandbréiwer nach méi sollen ofsécheren.

Deen éischte Punkt clarifiéiert juristesches eppes, wat schonn an der Praxis de Fall ass, just datt mer et elo extrem prezis an d'Gesetz aschreiwen, fir datt och iwwerall international kann nogekuckt a verifiéiert ginn, datt déi Situatioun bei eis sou funktionéiert. D'Gesetz seet also elo - oder déi nei Proposition - kloer, datt d'Hypothéikebanke fir eng integral Couverture vun de Pfandbréiwer garantéieren an dofir onbedéngt déi noutwendeg Moossnamen huele mussen.

Et ass also preziséiert an deem Text, datt se dobäi dierfen op sougenannt «instruments financiers à terme» zrëckgräifen. Dës Couverturen, dës «instruments financiers à terme», bénéficiéieren dee Moment och vum Privileg, deen aner Couvertur fir d'Pfandbréiwer hunn. Dat heescht praktesch, datt se bei der Liquidatioun vun enger Bank, wann dat de Fall wär, prioritär fir d'integraalt Zréckbezuele vun de Pfandbréiwer gëfen dëngen.

Den zweete grouss Punkt - dat ass och den Hauptpunkt vum Projet - ass, datt mer am Fall vun der Liquidatioun vu sou enger Bank, wat selbstverständlech dierft extrem rar sinn - mä trotzdem muss een et an de Gesetzestexten, an der Législatioun virgesinn -, d'Prozedur an

eisem Gesetzestext änneren. Haut ass et sou, datt de Liquidateur, deen d'Liquidatioun exercéiert, d'Rechter vun de Pfandbréifbesëtzer mat géiert.

An Zukunft soll et sou sinn - de Projet gesäit dat vir -, datt, soubal hei zu Lëtzebuerg sou eng Liquidatiounsprozedur géif entaméiert ginn, déi sougenannt «Commission de Surveillance du Secteur financier», d'CSSF, géif agesat ginn an de «plein droit» Gestionnaire vun de Pfandbréiwer wär. Sou gëtt u sech d'Gestioun vun de Pfandbréiwer net beréiert vun der Liquidatioun vun enger Bank, an et entsteet doduerch fir de Pfandbréifbesëtzer eng vergréissert Sécherheet.

De Liquidateur vun der Bank huet also an deem Fall näischt méi mat de Pfandbréiwer ze dinn a brauch sech nëmmen ëm de Rescht vun de Bankbesëtzer ze bekëmmern, a mir hunn eng ganz kloer Trennung tëscht dem sougenannten Deckungsstock vun de Pfandbréiwer op där enger Säit an dem Bankstock op där anerer Säit, déi ganz kloer duerch dëse Projet getrennt sinn am Fall vun enger Liquidatioun.

D'CSSF, d'Commission de Surveillance du Secteur financier, déi also d'Gestion de plein droit an deem Fall kritt, huet awer selbstverständlech duerch d'Gesetz d'Méiglechkeet - aus enger ganzer Rei vu praktesche Grënn -, fir e Contrat de gestion mat engem aneren Etablissement ze maachen, wat dee Moment kéint sou Pfandbréiwer gëieren, oder si kann den Ensemblen souwuel vun der Couverture wéi vun de Lettres de gage transferéieren op en aner spezialiséiert Etablissement, mä selbstverständlech nëmmen ënnert der Konditioun, datt dës Operatioun net «en défaveur» vum Porteur vun de Pfandbréiwer ass.

Weiderhi preziséiert den Text, datt am Fall vun der Liquidatioun, wann eng Insuffisance vun de Valeurs de couverture do wär, d'Porteurs de créance, d.h. déi, déi Pfandbréiwer hunn, d'selwecht wéi aner Créancier an der Mass vun der Bank kënne puiséieren, an am Fall, wou all déi Pfandbréifdréier an der Liquidatioun duerch déi Couverture genügend erëmkräft hätten, géif de Rescht, dat, wat iwwer géif bleiwe vun der Couverture, an d'Mass vum Bankstock iwwerdroe ginn.

Als Remarque dozou ze maachen ass, datt et hei an deem Gesetzestext fir d'éischt ass, datt d'CSSF, d.h. eng Autorité de surveillance, e Caractère opérationnel, zwar de courte durée normalerweis, kritt, mä trotzdem! Mä et ass awer kloer, datt de Caractère opérationnel, deen der CSSF de Moment vun enger Liquidatioun géif iwwerginn, eng ganz grouss Sécherheet fir de Porteur vun de Pfandbréiwer gëtt.

Dann zum drëten a leschte Punkt an deem Text. Fir dee ganzen Ensemblen am Kader vun enger Liquidatioun och juristesches ze preziséieren, gëtt an deem Fall den Artikel 450 vum Code de commerce fir d'Lettres de gage ausser Kraaft gesat. Dat heescht, datt d'Lettres de gage net direkt exigibel sinn am Fall vun enger Liquidatioun. An anere Wieder heescht dat, datt d'Besëtzer vun de Lettres de gage domat eng Garantie hunn, fir am Fall vun enger Liquidatioun eng normal Gestioun fir d'Pfand-

bréiwer ze kréien, déi dee Moment zu deenen am Ufank vum Kontrakt festgehalenen Échéancen ausbezuelt ginn.

Als Konklusioun géif ech a sech soen, datt dëse Gesetzestext dëst Finanzprodukt vun de Pfandbréiwer, vun de Lettres de gage, kompetitiv mécht par rapport zu anere Länner an et op en ordentlechen, ganz seriösen Niveau par rapport zu de Konkurrente wéi Frankräich an Däitschland setzt, déi och säit 1997, wéi gesot, hir Législatioun adaptéiert hunn. Et ass ganz kloer eng Consolidatioun vun dësem Créneau; et ass, mengen ech, eng gutt Saach fir eis Finanzplaz. Et ass domat och ganz sécher eng gutt Saach fir, am allgemengen, eis Economie.

Dozou ze soen ass nach, datt de Conseil d'Etat an d'Chambre de Commerce e positiven Avis zu dësem Projet ginn hunn, datt se och kee Kommentar iwwert d'Artikele gemaach hunn, an zum Schluss wéilt ech nach eng Kéier hiweisen op d'Urgence vun deem Projet, well eng ganz Rei vun Émissiounsbanke prett sinn, fir sou Émissiounen vu Lettres de gage ze maachen. Ech recommandéieren also, dëse Projet ze stëmmen, an ech géif gläichzäiteg den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ginn.

Ech soen Iech merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix. - Très bien!

M. le Président. - Als éischte Riedner ass den Här Gusty Graas agedroen. Den Här Graas huet d'Wuert.

Discussion générale

M. Gusty Graas (DP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll aleedend dem Rapporteur Claude Wiseler félicitéieren, deen hei op eng bravours Aart a Weis dee ganz technesche Projet dach op eng verständlech Manéier eriwuer bruecht huet. Dofir eis Félicitatiounen fir dee schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Duerch de Gesetzesprojet 4090, dee jo den 22. Oktober 1997 hei an der Chamber diskutéiert gouf, war deemools versicht ginn, fir en neit a wichteg an och vläicht méi ee rengt, awer trotzdem ouni Zweifel importent Standbeen fir d'Lëtzebuurger Bankeplaz ze schafen. De Fonctionnement vun den Hypothéikebanken - mir sinn dat jo elo gewuer ginn - berout op zwee Gleiser: Engersäits fir Prëten ze accordéieren, wéi normal Banken, an anerersäits och Lettres de gage - sougenannt Pfandbréiwer - ze emettéieren.

Mat Sécherheet ass d'Bankeplaz duerch déi do legislativ Mesüre vill méi kompetitiv an och mat Sécherheet vill méi attraktiv dobaussé ginn. Grad de Projet de loi, dee mir jo elo haut hei diskutéieren, beweist awer och wéi wichteg datt et ass, datt een déi gesetzlech Mesurë permanent iwwerwaacht, an datt een och déi néideg Adaptatiounen regelméisseg virhëlt, fir datt eis Finanzplaz - wéi gesot - nach wie vor attraktiv bleift. Dat ass ouni Zweifel och eng Stärkt vun der Finanzplaz, mä et muss awer och eng Stärkt an der Zukunft bleiwen.

Wéi hei an der Chamber d'Gesetz iwwert d'Banque d'émission de lettres de gage diskutéiert gouf, hat den deemolege Rapporteur an heitege Budgetminister jo schonn op d'Sécherheet vun de Lettres de gage higewisen, déi kaum an enger anerer Obligatioun offréiert ginn. Fir dës Sécherheet nach auszebauen, steet jo haut dann dee Projet de loi zur Diskussioun, fir datt mir eng verstärkte Sécurité juridique kréien, besonnesch well d'Fransousen an d'Belsch do légiféréiert hunn.

D'Garantië vun de Porteur vu Pfandbréiwer ginn duerch de Projet 4632 méi grouss. Dat virun allem an de Fäll vu Liquidatiounen. De Claude Wiseler huet dat jo virun en détail ervirgewise.

Der Commission de surveillance du secteur financier fällt jo an deem Beräich och eng besonnesch Bedeitung zou. Och muss een ervirhiewen, datt den Artikel 450 vum Code de commerce bei enger Liquidatioun net applizéiert gëtt.

De Vote vun dësem Gesetz ass iwwerregens och am Geescht vun der Regierungserklärung. Ech wëll zu deem Sujet vläicht ganz kuerz den Accord vum 12. August hei zitieren: «Le Gouvernement est décidé à encourager le développement à la fois des différents domaines d'activité qui font actuellement la force de la place financière dans des segments apparentés à haut potentiel de développement, telles les lettres de gage.»

Erlaab mir an deem Kontext vläicht och nach e puer Remarken iwwert d'Bankeplaz Lëtzebuerg am allgemengen ze maachen, déi jo gewinnt ass - a mir hunn dat an de leschte Wochen a Méint och erëm erfuer - fir vun der internationaler Press net onbedéngt ëmmer fein behandelt ze ginn.

Nom leschten Echo um Conseil vu Lissabon, war jo duerch de Virstouss vun England op eemol déi 1997 ofgemaachte Coexistenz a Fro gestallt ginn. D'Engländer si jo der Meenung gewiescht, datt am EU-Rayon den Austausch vun Informatiounen misst agefouert ginn. Am Kloertext: D'Engländer wollten d'Bankgeheimnis ofschafen. Entre-temps schéngt et jo esou - an ech beruffe mech hei op eng Ausso vum Minister, déi hien den 2. Mee op der Televisioun gemaacht huet - wéi wann dee Virstouss zumindest elo mol ofgeblockt gi wär.

Wat awer d'Bankgeheimnis ubelaangt, wëll ech hei kloer soen, datt d'Demokratesch Partei sech hei hannert d'Positioun vum Minister stellt, déi hie geleeëntlech bei der Journée bancaire vun der ABBL vertrueden huet.

An der ganzer Diskussioun musse mir awer och zu Lëtzebuerg oppassen, datt mir eis net selwer an dat eegent Been schéissen. Dofir huet et mat Sécherheet och net vill Sënn wann ufanks Mee eenzel Leit géint d'Bankeplaz Lëtzebuerg hierzéien. Villméi ass eiser Meenung no an dësem wichtege a kruzialen Dossier dach Fangerspëtzegefill an eng besonnen Diplomatie gefuerdert. D'Bankeplaz ass nun emol e ganz wichtege Pilier vun eiser Economie, dee geheegt a gefleegt muss ginn.

Wann een nämlech all Berufsgruppe considéiert déi direkt mat der Finanzplaz Lëtzebuerg zesummenhängen, da kënn een ëmmerhin op e Chiffer vun 30.000 Leit déi do hiert Brout verdéngen. Iwwert déi 210 Banken, déi jo all Joer en net onbedeutende Montant u Steieren un de Stat ofrieden, mengen ech brauch een hei op dëser Plaz keng weider Commentairen ze verléieren.

Onbeuecht - wéi gesot - vun deene villen auslännesche Kritiken, musse mir also weiderhin als Législateur versiche fir d'Bankplaz ze diversifiéieren, esou datt hir Attraktivitéit och an der Zukunft garantéiert ass, an datt e gönschtegt Klima fir d'Finanzinstituter geschaf gëtt. Lëtzebuerg muss ouni Zweifel e Mehrwert fir d'Bankklienten duerstellen.

De Vote vum Projet de loi 4632 huet an deem Sënn mat Sécherheet méi wéi eng symbolesch Bedeitung an ech géif och an deem Sënn den Accord vun der Demokratescher Partei zu dësem Gesetzesprojet bréngen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Jeannot Krecké.

M. Jeannot Krecké (LSAP). - Här President, angesichts vun deenen Elementer déi de Rapporteur eis hei op eng verständlech Aart a Weis explizéiert huet, kann ech Iech versécheren, datt mir och eisen Accord dozou bréngen. Besonnesch well mir jo all Kéier gesot hunn, datt wa mir probéieren déi verschiddenaartegst Instrumenter iwwert de reglementareschen a gesetzleche Wee hei zu Lëtzebuerg anzeféieren, datt d'sozialistesche Partei selbstverständlech hiren Accord gëtt. An dat fir der Bankplaz effektiv d'Méiglechkeet ze ginn, fir sech ze diversifiéieren.

Et ass wesentlech besser, wéi hinzugeen a wëlle reng vun enger Nichëpolitik ze liewen, wou ee sech just reglementaresch Nichë schafft, déi muer aner Leit contre-carrière kënnen, sief dat iwwert den europäesche Wee, oder sief dat well si datselwecht am Land niewendru maachen.

Dofir ass et scho richtig, datt et versicht ze diversifiéieren, an dat op deene Punkte wou ee probéiert sech eng Kompetenz ze schafen an opzebauen. Et ass och do wou - mengen ech - d'Zukunft vun där Bankplaz hei läit.

Wat d'Ausféierunge vun Här Graas a sengem leschten Deel ubelaangt, kréie mir beim Débat d'nächst Woch nach eng Kéier d'Geleeënheet fir dorop anzugeen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här François Bausch.

M. François Bausch (DÉI GRÉNG). - Här President, och déi Gréng wëssen, datt d'Finanzplaz Lëtzebuerg an eiser Ekonomik eng grouss Bedeitung huet, fir net ze soen eng essentiell.

Mir hunn och nach ëmmer gesot, datt mir géifen alles ënnerstëtze vu Gesetzesprojeten, déi géifen hei an d'Chamber kommen an an d'Richtung géife goe fir d'Produktpalett vun der Bankplaz ze diversifiéieren, virun allem och an engem qualitative Sënn.

Ech mengen de Rapporteur huet laang a breet erklärt ëm wat et hei geet.

Fir eis ass et eng Selbstverständlechkeet, datt mir dee Projet de loi wäerten ënnerstëtzen.

Ech soen Iech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

M. Gast Gibéryen (ADR). - Här President, Dir Damen an Dir Hären, zumindest wat d'Bankplaz ubelaangt, mengen ech kann een heibannen eng Unanimitéit feststellen.

Ech ka mech och do nëmmen de Riede vu menge Virriedner uschléissen a virun allem wëll ech hei an eise Numm dem Rapporteur, dem Claude Wiseler, merci soen, deen am Fong geholl dësen technesche Projet hei esou gutt virgedroen huet, datt bal jiddereen en huet misse verstoen. Ech mengen et kann een deem nëmmen zouflichten.

Ech géif och dofir vun eiser Säit aus hei den Accord zu dësem Projet bréngen.

M. le Président. - D'Wuert huet elo de Budgetminister Luc Frieden.

M. Luc Frieden, Ministre du Trésor et du Budget. - Här President, ech stelle mat grousser Satisfaktioun fest, datt eis Démarche a puncto Politik fir d'Finanzplaz heibannen eng ganz breet Ënnerstëtzung fënnt, Démarche, déi sech duerch zwee Elementer charakteriséiert, engersäits, datt mir mussen ëmmer e klore juristesche Kader fir déi Finanzaktivitéite schafen an deen och da wann néideg ëmmer schnell upassen.

Ech stelle mat grousser Zefriddenheet fest, datt mir dëse Projet am Februar deposéiert hunn, an datt d'Parlament am Mee - no enger Analys an der Kommissioun - dëse Projet adoptéiere kann. Dat beweist wéi schnell een an där Matière reagéiere kann, wann et noutwendeg ass. Ech mengen dat ass e ganz positiven Punkt fir de Fonctionnement vun eisen Institutiounen an dee seng positiv Friichten op der Finanzplaz dréit.

Dat zweet Element vun eiser Démarche ass, datt mir eng Diversifikatioun an eng Consolidatioun vun den Aktivitéiten op der Finanzplaz maache wëllen. Och dat gëtt duerch dëse Gesetzesprojet iwwert d'Hypothékepfandbréiwer ënnerstrach. Och dofir sinn ech zefridden, datt en eng breet Ënnerstëtzung fënnt.

Wéi mir 1997 dëse Projet de loi als Rapporteur presentéiert hunn, wosste mir net wat fir eng Friichten e géing bréngen. Mä, Gesetzter déi iwwerluegt sinn, déi eng europäesch Démarche hunn - well mir hunn eis hei un

engem auslänneschen Text inspiréiert, mä mat enger europäescher Ouverture - droen hir Friichten.

Haut hu mir schonn dräi Hypothéikebanken zu Lëtzebuerg an anerer sinn amgaang examinéiert ze gi vun der CSSF.

Datselwecht gëllt fir en anert Standbeen wat mir amgaange sinn opzebauen, nämlech déi international Pensiounsfonten. Mat grousser Satisfaktioun hu mir gëschter deen éischten internationale Pensiounsfont konnt autoriséieren, nämlech dee vum internationale Grupp Unilever - en hollännesch-engesche Grupp -, déi decidéiert hunn hire Pensiounsfont hei zu Lëtzebuerg ze maachen, an dat op Grond vum Gesetz iwwert d'Assepen an d'Sepcaven, dat virun engem Joer hei an der Chamber gestëmmt ginn ass. Do gesäit een, datt och bei deem Standbeen vun der Finanzplaz sech eppes deet.

Ech mengen et ass dofir wou mir sollen zesummen déi Démarche fir d'Aktivitéit vun der Finanzplaz, déi och am Intérêt vun der globaler Economie a vum Bien-être vun eisem Land ass, viru féieren.

Ech soen Iech merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass elo ofgeschloss a mir kommen zu der Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi 4632 a stëmmen doriwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

D'Artikelen 1 an 2 si gelies an ugeholl.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen eestëmmege ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg, Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par M. Claude Wiseler), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach (par Mme Maggy Nagel);

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo (par M. Alex Bodry), Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux (par M. Jos Scheuer), Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Ben Fayot);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Gast Gibéryen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagoner.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Als nächste Punkt op eiser Dagesuerdnung hu mir d'Proposition de loi 4633 vum Här Jean-Pierre Klein iwwert de Congé de formation fir d'Memberen aus de Gemengeréit.

Esou wéi et am Artikel 59 (3) vum Chamberreglement festgehalen ass, stinn dem Auteur vun der Proposition de loi, der Regierung an deene 5 Fraktiounen jee 10 Minutte Riedezäit zur Verfügung.

Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Graas, Gibéryen a Gira.

D'Wuert huet elo den Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Jean-Pierre Klein.

7. Proposition de loi 4633 de M. Jean-Pierre Klein portant introduction d'un congé de formation pour les élus locaux

M. Jean-Pierre Klein (LSAP), auteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass gewosst, datt déi allermeescht Gemengeverrieder net kënne Spezialist sinn, wa si hir Funktioun untrieden, an dat an enger Matière a Législatioun, déi ganz spezifesch ass. Dat ass och e ganz vasten Domaine.

Si gi bei hirer Aarbecht selbstverständlech begleet vun hire Leit an der Verwaltung, déi meeschtens gutt forméiert sinn. De Gemengeverrieder ass a wäert och an Zukunft op déi loyal Zesummenaarbecht a Berodung vu senger Mataarbechter musse kënne zielen.

De Mandataire vun enger Gemeng däerf awer net ausschliesslech op seng Verwaltung an technesch Dëngschter ugewise sinn. Et muss him d'Méiglechkeet gi ginn, fir dem Bierger Ried an Äntwert ze stoen, ouni datt hien dee muss bei all Geleeënheet bei d'Verwaltung schécken, fir Satisfaktioun ze kréien.

Dofir muss him d'Geleeënheet gebuede ginn, fir sech dat néidegt Wëssen unzëeegnen an a verschiddene Situatioune kënne autonom ze sinn, fir net op déi aner ugewisen ze sinn. Dat Wëssen an dat Kënnen, wat hie sech erschafft, wäert him seng Aarbecht och erliichten. E gutt informéierten a forméierten Mandataire ass och e Virdeel fir d'Verwaltung, déi en face e Mann oder eng Fra huet, déi am Bild sinn iwwert d'Ofwécklung vun de Gemengegeschäften.